PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Séance publique n°6
Dossier parlementaire n°8290

Lëtzebuerg, den 14/12/2023

3

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Datt et eng Réi Steierkreditter ginn, vun deenen d'Leit dobaussen am Moment profitéiere kënnen, dorënner den CICO2;
- Datt säit dem 1.01.2020 6 Index-Tranchen erfale sinn, déi fir eng nominativ Erhéijung vun de Paien a Pensioune gesuergt hunn, déi awer néideg ware fir d'Präissdéieregt ze kompenséieren an dofir net zu engem Plus u Kaftkraft gefouert huet. D'Leit, déi d'Steierkreditter deemools gebraucht hunn, brauchen se also haut och nach;
- D'Chambre des salariés an hirem Avis zum Projet de loi 8290 erkläert huet, dass zum Beispill beim Crédit d'impôt salarié, säit 2017 10% vun de Leit duerch eng Net-Indexéierung vum Steierkredit, dëse reduzéiert respektiv verluer hunn.
- D'Regierung mat der Berengegung vun der Steiertabell ëm 4 Index-Tranchen zum 1.01.2024 unerkannt huet, dass et zu enger kaler Progressioun kënnt, wann ee Steierutilen net indexéiert.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. De Barème vun der Eligibilitéit vun de Steierkreditter z'indexéieren.

Sven CLEMENT